



Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Mee 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

De Weekend vum 4./5. Mee war d'Escher Autobunn A4 opgrond vu gréisseren Aarbechte vun der Stad a Richtung Esch-Uelzecht gespaart. Fir déi betraffe Leit hätt déi einfachst Léisung dora bestanen, vun deene reegelméissegem Zuchverbindungen tëschent eisen zwee gréisste Stied ze profitéieren. Allerdéngs war zur selwechter Zäit och d'Linn 60 fir den Trafic gespaart an duerch Bussen ersat, déi du selwer och nees hu missen d'Ëmleedung zur Autobunn fueren, wouduerch den Trajet sech gläichermoosse verlängert huet.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi war déi Decisioun motivéiert, fir gläichzäiteg déi wichtegst Verbindung am Beräich vun der individueller Mobilitéit, wéi och am öffentlechen Transport tëschent der Stad an Esch zouzemaachen?
- 2) Besonnesch Aarbechten op Zuchstrecke musse wéinst dem internationalen Impakt ganz laang am Viraus geplangt ginn. Gesäit d'Madamm Minister vir, hir Zerwisser a sou engem Fall an Zukunft méi enk ze koordinéieren, fir entspreichend Baustellen zäitversat vuneneen ze organiséieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten